DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gaul eiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

№ 26 So' secher we' ons Bierger wénken
Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken
18ten November 42

BG 192

## --- Verèdejong vu lòtzeburger Rekruten ---

Op Allerse'lendag sin um Knûedler lòtzeburgesch Rekruten verêdegt gin. Eng Manifestatio'n de' vun de Preisen mat dém gewe'nlechen Tam Tam op d'Bê gesat wor gin, dèr mir Lòtzeburger ons ower ganz gutt hàtte kònnen entbîeren.

De' gro'ss Trap virum Stadhaus wor fir d'E'eregäscht reserve'ert. Wehrmacht, Partei a Staat wore gutt vertrûeden. Och de Kreisleiter an de Leiter vun der Aussenstelle des Reichspropagandaamtes hun der Manifestatio'n beigewunnt. Engem Vertreter vum italieneschen Fascia wor och e Stillche reserve'ert.

We' de' e'scht Commandos aus enger frecher Offize'ersschnöss iwer d'Plätz geschalt hun, ass onse Jongen e Stéch dûrch d'Hîerz gangen, net aus Angscht ma aus Roserei. A we' sie, e pûer Minuten drop, den Ed hu mussen ofléen, dem Weltbanditen Hitler Trei hu musse schwîeren, dun hu sie op d'Zänn gebass an hire provisoreschen Obersten Feldherrn mat all sengen Ober- an Unterhäuptlingen an d'önnescht Hell verwönscht. Zu wat dengt eso' en Ed, wann d'Hîerz net derbei âss ? Jongen, mir wössen dat dir dem Hitler Trei geschwûer hûet, net aus Sympathie, ma well et beim beschte Wöllen net anescht ze mache wor. Mir wössen och, dat èr Hîerzer an dém selwegten Abléck gesot hun : N i e m o l s . Mir wöllen îech es net, well dir sitt a bleift ömmer braw Lötzeburger. Wa mir îech och neischt schlechtes wönschen si mir dach gewöss, dat èren Drill önner der preisescher Knute eng Grötzche Guddes hûet. Mir mengen domat dât elei : Eso'bal d'Preisen de Krich verlûer hun göt hirt Land vu frîemen Truppen besat. A mir können ons lîcht virstellen we' gro'ss er Frêd muss sin dèn Dag wo' dir, aus der preisescher Ketten erle'st, mat den allie'erten Truppen an d'Dappland Uerdnong schafe gitt. Den Dag, èn vun de sche'nsten vun èrem Liewen, könnt dir als lötzeburger Zaldoten optrîeden an èr Revanche hûelen we' dir îech et gewönscht hûet. Iwerzêgt si mir dat dir, wann de Preisen hir Stonn geschloen hûet, de' glécklechst vun alle Lötzeburger sitt. Mir, de' Äl, hun d'Hîerz we' mat îech de' Frêd net können ze dêlen.

Fir op d'Manifestatio'n zréckzekommen bemîerke mir nach, dat no de Preisen an no onse verpreissten Zeidongen de ganze Knûedler voll Leid soll gewîescht sin. Dât ass nês eng gro'ss an déck Propagandaligen. Mir behapten -an dûerfir hu mir de Beweis-, dat d'Zûel vun de Firwötzegen eso' kleng wor, dat èn se op de Fangeren hätt können zîelen. An onser Redactio'n leit eng Photo vun der "Feier" op fir de' ze iwerzêgen, de' nach un d'Nazipropaganda glêwen.

Iwrigens wor Allerse'len fir ons en "Trauerdag" an et ass lîcht ze verston dat et kengem Lötzeburger drem wor enger preisescher Manifestatio'n beizewunnen, wo' ons Jongen engem Reiberhäuptling Trei hu musse schwîeren, dèn d'Onglèck vun onsem Vollék um Gewösson hûet.

Dem Àdolf Hitler Trei ze schwîeren,
dûerge'nt konnt dir îech net wîeren.
D'Welt kann net unerkennen, Jongen,
en Ed dèn îech go'f opgezwongen.

---

--- Echo vum Generalstreik ---

An der belscher illegaler Zeidong LE DRAPEAU ROUGE vum Oktober fanne mir en Artikel iwer onse Generalstreik vum 1te September 1942.

Den Artikel lét deitlech ausenaner we' a wûerfir de Streik entstanen ass a sét, fir ofzeschle'ssen :

"Cette lutte héroïque n'a pas seulement porte un rude coup à Hitler en immobilisant les acieries et haut-fourneaux. Cette greve politique generale, la première declenchée dans un pays occupe par les hitleriens marquera une etape decisive vers la liberation de l'Europe opprimee. Elle est le premier souffle de la tempête qui balayera Hitler.

Inspirons-nous de l'heroïsme de nos voisins du Luxembourg! Intensifions notre résistance, multiplions les greves, refusons de travailler pour Hitler! Préparons ainsi, avec tous les peuples opprimes de l'Europe, l'insurrection nationale qui en finira avec l'odieuse tyrannie hitlerienne!"

---

Arbechter aus alle Länner rêcht fech d'Hand,
da ble'st nês geschönn de Friddenswand.

---

--- Onofhängegkêtsfront ---

Am DRAPEAU ROUGE lîese mir och, dat de' belsch patriotesch Organisatio'nen vun alle Farwen sech zesûme geschloss hun, fir de Preisen è me' energesche Widderstand ze bidden. Recht hu sie, well Enegkêt mecht stark.

Et ge'f bal Zeit, dat ons lötzeburgesch Organisatio'nen, de' bis elo op ege Fauscht geschafft hun, sech och d'Hand ge'we rêchen a mat engem einheitleche Programm ge'wen oprîeden. Mir dûerfen net vergîessen dat mir mat de Preisen am Krich sin an dat mir ons a Krichszeiten nömmen engt Ziel dûerfe setzen : De Preisen ze schûeden an se aus dem Land ze verdreiwen. All de' kleng Differenzen, de' bis elo töschen onse verschiddenen Organisatio'nen bestanen hun, musse verschwannen, well soss könne mir kês gutt a praktesch Arbecht machen. Nom Krich, d.h. wann onsen hêlege Wonsch erföllt ass, ka gidfer Organisatio'n nês a sengen ègenen Döpper kachen.

Mir, L.P.L., rêchen onse Schwesterorganisatio'nen eng bridderlech Hand an hoffen dat de "Ro'de Le'w" an d' "Lötzeburger Vollëksliga" sech entschle'ssen mat ons en enzegen, d.h. e lötzeburger Nationalprogramm opzestellen, oder we'negstens berêt sin e Comité ze wielen dên aus Dele-ge'erten vu gidfer Organisatio'n zesûmegesat ass. Nömmen op de' Mane'er könne mir verhönneren dat èn dem aneren an de Wé lêft an dat eng mat viller Me' a gro'sser Gefor gelêschten Arbecht op neischt ausgêt. We' soll iwerhapt ons Regierong nom Krich un d'Vollék erantrîeden, wann d'Vollék önner sech net èneg ass ? Wûerfir mussen de' eng heihin, de' aner dohin ze'en ? Gewöss muss d'Vollék consulte'ert gin iwer d'Reformen de', a sengen Aen, ne'deg sin agefo'ert ze gin. Ower nömmen e Vollek dât èneg ass kann ugehe'ert gin, ka sei Wöllen dûrchsetzen. Dûerfir ass et onbedéngt ne'deg, dat ons 3 lötzeburgesch Organisatio'nen matenaner Kontakt hûelen fir e lötzeburger Nationalprogramm auszeärbechten dên, eso'weit we' migloch, gidfer Partei zefridde stellt. Mir, L.P.L., sin der Mênong dat, wa gidfer Organisatio'n e we'neg Wâsser a sei Wein schött, en engt Zesûmenarbechten errêcht ka gin zum Wûel vum ganze Vollek, vum ganze Land.

Lötzeburger, vergîesst net dat nömmen Enegkêt
ons fe'ere kann zer Freihêt, zer Onofhängegkêt.

---

So'l..g we' mir ons net èneg fillen
dreiwe mir d'Wâsser op d'preisesch Millen.

---

Mat watfir Aen hûet de Gaul eiter Simon Lötzeburg gesin ?

Et wärd ons Lîeser intresse'eren en Auszog aus engem d'viregt Jor an Deitschland publize'erten Artikel vum Gaul eiter SIMON ze lîesen. De Gaul eiter hûet ö.a. dât hei geschriwen :

Ungünstige Gelegenheiten (in Luxemburg)

1. Der Bevölkerung fehlte vor allem der einem eigenen Antrieb entspringende Anschlusswille. Eine üppige Lebensweise machte sich breit. Man fand es erbaulich und erstrebenswert, einem üppigen Essen, einem alkoholfreudigen Trinken und einem vergnügungsfreudigen Dasein nachgehen zu können.
2. Die Abneigung gegen die Uebernahme von Pflichten, die ein im Existenzkampf stehendes Volk von seinen Angehörigen fordern muss, wurde seit 1933 durch eine ungehemmte Lügenpropaganda täglich gestärkt. Das marxistische Escher Tageblatt und das am meisten gelesene klerikale Lux-

Belgian War Press

emburger Wort schütteten wahre Kübel von Unrat auf das neue Deutschland aus.

3. Die Regentin des Landes liess systematisch die Verwelschung des Landes betreiben.

4. Eine besondere Schwierigkeit für den Anschluss Luxemburgs an das Reich lag darin, dass das Land in geschichtlich naher Zeit in keiner engen Verbindung mit Deutschland gestanden hatte. In Luxemburg gab es keinerlei Erinnerungen an irgend ein Zusammengehen mit dem Reich. Es konnte nur angeknüpft werden an eine ferne Vergangenheit, die jedoch durch den in allen Schulen mangelhaften Geschichtsunterricht dem Durchschnittsluxemburger nicht einmal bekannt war.

Beweist dèn Artikel hei net wo' klor de SIMON gesin hûet a we' schölleg hîen dûerfir ass:

Jo, Simon, aus engem Lötzeburger e Preiss ze man,
dât nenne mir op en diren Ascht gehan .

C. W. O. C. 2 G. M.

---

--- Zwêt Front ---

Et ass net un ons d'Krichsoperatio'nen ze besprîechen a Pronostiken ze machen. Ower dât wat sech zönter kûrzer Zeit an Afrika passe'ert ass zevill intressant fir net onse Kêrche beizedron.

An Aegypten hun d'Englänner eng nei a gro'ss Offensive lassgeloss, eng Offensive de' dem gre'sste Pessimist d'Aen opgerass hûet. Vill Leid haten d'Gewunnegt ze son : d'Englänner brenge neischt fierdeg, alles wat se ufänken schle't fél. Vill Geschnöss an neischt derhannert. Aner hu gesot : De Preiss ass wo' d'Wandleis, wo' en èmol ass do bleift en. Och de genialen Oberste Feldherr Adolf Hitler wor vun der Mênong. Hûet hîen net a sengor Rîed, de' hîe vrun anerhalwe Mo'nt zu Berlin gehalen hûet, dât hei gesot : Mir machen net wo' d'Englänner. Wa sie vun Aegypten aus bis z.B. no Benghasi virsto'ssen, da losse sie sech erem hêmdreiwen. Onse ROMMEL ass dèr kên. Wo' hîen ass, do bleift en. - We' weit den "Allesimvornhereineinkalkulierer" recht hat, hu mir elo gésin. D'Englänner hun des Ke'er dem Rommel seng Arme'en zerschlon wo' en Nössâk. Vun dèr Schlapp de' d'Fritzen an d'Macaroni kritt hun könne sie sech net me' erhûelen, wat och den Adolf an de Benito machen fir hinnen ze hellefen. De ganzen Drama hûet geendegt mat enger Flucht aus Aegypten.

D'Operatio'nen vun der aegyptescher Front woren nach net zu Enn, dun hun d'Amerikaner eng Grötz Liewen a franse'sch Nordafrika brûecht. Sie hun, op 500 Transportschöffer, beglêd vun 350 Krichsschöffer, Truppen an Algerien a Marokko brûecht an d'Kolonien besat. Sie wossten dat d'Preisen an d'Italiener en A drop haten a sie besetze wollten. Roosevelt an Churchill hun dem Adolf e Strech dûrch d'Rechnong gemacht, op hîen et wollt oder net. Et ass gutt migelech dat den Hitler èn Dag sein domnt Vollek wöllt glêwen dun, dat et hûet mussen eso' kommen, d'Besetzong vun Nordafrika dûrch d'Amerikaner an d'Englänner wir vun him "einkalkuliert" gewîescht an dat Deitschland an Italien nömmen derbei könne gewannen. O'ni der Sach op de Fong ze gon stelle mir fest, dat d'Allie'ert der Achse eng gerass hun de' net vu Stre' ass. Elo leit dem Rommel seng schwe'er verschampele'ert Arme' an enger Zang wo' sie d'Läpper hänke le'sst. Dem italieneschen Imperium seng Dé si gezielt an,we' onsen abyssinesche Correspondent ons matdêlt, soll den Negus, dèn ömmer eso' monkech wor, net me' aus dem Lachen erauskommen. Wîe wonnert sech doeriwer : D' Amerikaner, de' nom Hitler vill ze spe't sollte kommen, hun him gewisen wo' de Bock d'Lach hûet. An dât erönnert ons un 1917. Dèmols hûet de Gässe Jëmpy proklame'ert : Jongen, elo kommen d'Amerikaner, dann hûelen de' se vun hannen an da lachen s'es net.De Jëmpy hat recht. An des Ke'er gêt et nés eso'.

Et wor ze erwarden dat den Hitler riposte'ere ge'f, en hûet et och gemacht. Dât "onbesat" Frankreich hûet hîe besetze losst fir och nach de' Gegend auszeplönneren. De' Besetzong hûet hîen dûrchfe'ere losst a vollem accord mam LAVAL, well, wo' sêt de Franso's : Ce que Adolphe crache, Pierre l'avale. Bestömmt hat den Hitler sech net erward, dat a Südfrankreich fir seng Arme' eng Gefor besténg. Dat hîen haut ower mat enger eventueller englesch-amerikanescher Invasio'n vun dèr Seit aus muss rechnen hûet hîen domat bewisen, dat hîen elo verschidden Divisio'nen töschen Nice an der spûenescher Grenz berêt muss halen, well d'Allie'ert könnten och emol, we' den Hitler et gemacht hûet, dûrch d'hönnescht Dir a Frankreich afalen.

D'Situatio'n ass haut eso', dat d'Allie'ert d'Initiative an der Hand hun a mir glêwen net dat sie se nach fûere lossen. So'bal Afrika vun de Preisen an den Italiener gesei'bert ass, wat wûel a kûrzer Zeit de Fall wärd sin, kann Italien sech erwarden -fir dem Hitler sein Ausdrock ze gebrauchen- dass ihm Hören und Sehen vergeht. Et ass kên

Zweiwel dat d'Allie'ert drop ausgin Italien eso' ze bombarde'eren, dat et d'Klöppele bei d'Tromm geheit a sech entschle'sst e separate Frid ze machen. Hir Taktik ass de' selwegt we' am leschte Krich ; Zum e'schten de' Klong an de' Schwach op d'Kne'en zwéngen a sech de Preiss als "Plat de résistance" ze reserve'eren.

Dât ass de Standponkt vum "Freie Lötzeburger" an dir wärd gesin dat mir ons net iren.

---

Lîest a verbrê "De Freie Lötzeburger"

---

--- Wehrflicht ---

Ons Rekruten schreiwen dat sie, knapps am Preissland ukomm, am Exerze'eren a Sche'ssen gedrillt gin. Sie son och dat se more Kascht hun.

Ier sie vun hei fort si gangen ass hinnen un d'Hîerz gelûegt gin mat alle Möttelen ze versichen en neitralt oder ons gutt gesönnt Land (Dänemark, Schweden, Schweiz) ze errêchen, fir dem Militärdéngscht ze entkommen. Ons Jongen könne sech dodûrch lîcht ausweisen, dat an hirem Wehrpass geschriwe stêt : Staatsangehörigkeit:Luxemburger.

Mir he'eren, dat verschidde Lötzeburger Jongen versicht hun an d'Schweiz ze kommen. E gewössen Leo Hitting vu Krauthem ass bei Insbruck, we' hîen den Inn wollt iwerschwammen, vun de Preisen erschoss gin.

---

Helleft dem "Freie Lötzeburger", an dir helleft fech selwer

---

--- Ømsiedlung ---

Onst Land göt ömmer me' vu preisesche Beamten verpescht. Fir sie önner Dach ze brengen, gin lötzeburgesch Familjen an d'Preissland geschéckt. So' sin an de leschten Deg "umgesiedelt" gin :

Familjen Kloss - Kraus vu Mîersch
" Krieps-Ehlinger vu Lötzebg.
Familjen Leesch - Donven vu Lötzebg.
Affekot Bech vu Lötzeburg

---

" De Freie Lötzeburger " ass a bleift
e Blad dât nömmen d'Wo'recht schreift.

---

--- Et gêt nach lang net gutt an Amerika ---

D'Neuordnungszeidongen hun an der leschter Zeit vill Ophîewens driwer gemacht, dat an den U.S.A. d'Flêschratio'n öm 20 % erofgesat ass gin. Ma wat de' preisesch Einheitspresse "vergîess" hûet ze son ass, dat den Amerikaner ömmer nach 1,2 Kg. Flêsch pro Woch kann fessen. Können de' Hongerlidder vu Preisen sech dât lêschten ?

Wat de le'wen Neid net mecht !

---

Lötzeburger, boykotte'ert all "Quislingen"

---

--- Eng Geschicht vum Ginze Gre't ---

't ass Fuhrener Kirmes. Iwerall göt gesongen a gedanzt fir ...aner Gedanken ze kre'en. D'Jonge vum Dûerf losse kê Medche sötzen, dat nömme kê Preiss derzo' soll kommen e lötzeburgescht Medchen ze engage'eren.

D'Fritze sötzen we' op Dären, well sie kên Danz könne machen. Op èmol göt et engem Zaldot ze bont, e profite'ert d'Geleenhêt we' e Jong Ginze Kätty (dem Gre't seng Dûechter) op seng Plâtz fo'ert a frêt d'Medchen fir en Danz.

D'Gre't, dât ömmer Fo'ss beim Mol hûet a kengem eng schölleg bleift, sprèngt vu sengem Stull op a stellt sech töschen de' zwê. "A wat ass hei lass ?", frêt d'Gre't. - "Ich habe das Fräulein um einen Tanz gebeten", äntwert de Preiss. - "Dat göt et net", beisst d'Gre't dûer, "Äch se seng Mamm an hoan och eppes ze son." - "Also Sie verbieten Ihrer Tochter mit mir zu tanzen", bemierkt den Zaldot, "wohl weil ich Deutscher bin." - "Nên", baupst d'Gre't dûer a schle't mat der Hand op d'Droscht, "well merr Lötzeburger sin."

---

--- Bre'fköscht ---

(vu Geld ass agangen)

Pe'ter Onro' : 500 fr
2 nei Memberen vun der L.P.L.:200 fr
Hât de Simon dat d'Fatze fle'en : 100 fr
Mir wölle bleiwe wat mer sin: 100 fr
Mir hale fest mat Hîerz a Wölle stand : 100 fr
De Roséng Schleifstên : 100 fr
Herrgott schlo de leschte Preiss futti : 50 fr

Minetsdapp II : 50 fr
De Grengen ; 50 fr
Hânepe'p è:50 fr
De Fränzi : 50 fr
Dat se der gutt op d'Schnöss kre'en : 20 fr
Prönz Hary : 20 fr
Full de Wak : 100 fr
Lengens Dömmy : 100 fr

Villmols merci !

Belgian War Press